



**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2022

Här President,


Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister d'Madamm Ekonomiminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

D'Tripartite kouw zu engem prinzipiellen Accord. D'TVA soll ëm ee Prozent erofgesat ginn, fir d'Inflatioun ze bremsen an d'Betriber ze entlaaschten. Eng kuerzfristeg Ännerung vun de Präisser bréngt fir d'Betriber awer nees weider Erausforderungen a Käschte mat sech. D'Comptabilitéit muss groussflächeg ugepasst ginn, d'Etikette mussen ausgetosch ginn asw. Um Enn entste fir d'Betriber also just Zousazkäschten, während och d'Clienten den Effekt opgrond vun der allgemenger Präisdeierecht kaum spieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës dréngend Fro stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi déi Decisioun begrënnt ass, fir an der aktueller Noutsituatioun keng méi substanzuell Reduzéierung vun der TVA virzehuelen, déi et de Betriber erlaabt hätt, souwuel d' Ëmsetzungskäschte vun esou enger Moosnam ze droen, wéi och eng reell Entlaaschtung un d'Clienten weider ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

  
Roy Reding  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, vum Här Wirtschaftsminister a vun der Madamm Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n°6870 vum 21. September 2022 vum honorabelen Deputéierte Roy REDING**

De prinzipiellen Accord an der Tripartite, an deem d'Reduktioun vun der TVA ëm 1% een Element vu villen ass, muss als Ganzt gekuckt ginn an ass d'Resultat vu Kompromësser, op déi déi dräi Verhandlungspartner sech zesumme gëeenegt hunn.

Lëtzebuerg, de 6. Oktober 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL